

d'Zweegleisegkeet tëschent Péiteng a Lëtzebuerg, wou d'Aarbechten amgaang sinn, un déi nei Gare op Belval wou geschwé verstäerkt Aktivitéiten op de Friché wäerte stattfannen oder och un de Viaduc op der Polvermillen, dee wichteg ass fir dee Fläschenhals, deen do besteet, ze décongestionnéieren. Vlächicht kann eis de Minister soe wéi den Échéancier vun deene verschiddene Projeten do ausgesäit.

D'Ëmsetzung vun der Eisebunnsreform soll jo an engem offene Geescht am Kader vum Sozialdialog geschéien. Dofir ass jo och e Comité de suivi an och e Comité de consultation an d'Liewe geruff ginn. Déi solle vu Vertrieder vun der Direktion, dem Verwaltungsrot respektiv och vun de Sozialpartner zesummegeat sinn an dese Projet begleeden.

Ech wollt de Minister froe wéi hien d'Aarbechten an deene Comitéen do evaluéiert a wéi hien déi Aarbechten do gesäit.

Zum Schluss kann de Minister eis dann och nach vlächicht eppes iwwert den Échéancier vun deenen eenzelnen Texter soen, déi d'Chamber approuvéiere muss, fir och um legislative Plang d'Tripartite-Accorden ëmzesetzen; do hänkt jo nach de Statut hannerdrun, de Kaf vun de verschiddene Garen oder och vun dem Arcelorschinnennetz an esou weider.

Merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Schreiner. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Transportminister Lucien Lux.

**M. Lucien Lux, Ministre des Transports.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Kollege Roland Schreiner huet eng ganz Rei vu wichtige Froen am Zesummenhang mat der Ëmsetzung vun den Tripartite-Accorden, déi mer Enn Dezember d'lescht Joer hei diskutéiert an evaluéiert hunn, gestallt.

Ech wëllt vu virera soen, dass d'Grënnung vun der CFL-Cargo als Häerzstéck vun de Resultater vun deenen Tripartite-Accorden um gudder Wee ass an dass trotz Adjustéierungen, trotz deenen engen oder anere méi oder manner gréisere Péripétien, dee Projet do op enger sécherer Schinn ass.

An et soll keen heibannen un der Determinatioun vun der Regierung fir dee Projet zweifelen, wat en industrielle Projet ass, dee wichteg ass par rapport zu der Situatioun, déi mer haut erliewen. An de Froesteller huet selwer hei däitlech gemaach, wéi am Joer 2005 nach eng Kéier den Defizit vun der Eisebunn am Frachtberäich vun 30 op 35 Milliounen Euro evoluéiert huet, wat d'Noutwendegkeet nach méi grouss mécht, fir effektiv hei an en anert Zäitalter eranzekommen a sech net nëmmen ze preparéieren op d'Liberaliséierung, déi mer net ophale wäerten, mä déi mer awer kënnen esou gestalten, dass mer eng Lëtzebuerger Léisung sichen, mä dass mer och eng Léisung sichen, déi et erlaabt, fir tëschent deenen zwee Partneren - der CFL an der Arcelor - zu gudden Décisiounen ze kommen.

Dass dat net ëmmer eng einfach Ëmsetzung ass, fir zwou Gesellschaften mat hiren eegenen Traditionen, mat hirem eegenen Know-how, mat hiren eegene Gewunnechten, mateneen ze bestueden, ech mengen, dat wousste mer vu viran. Wann ee vu virera virun deene Schwierigkeete kapituléiert hätt, da wär een ni an d'Richtung gaangen, fir wierklech de Courage ze huelen an eppes wierklech Neies ze maachen.

Ech wëll versichen op déi eenzel Froen, déi de Kollege Schreiner gestallt huet, eng Äntwert ze ginn, an dat an e puer Deeler maachen.

Engersäits sinn et eng Rei vu Froen, déi d'Form betreffe vun der Mise en place vun der CFL-Cargo.

Wichteg ass et, mengen ech, hei ze soen, dass déi zukünfteg Direktioun - zesummegeat aus Persounal vun CFL a vun Arcelor, mat un der Spëtzt och dem zukünftigen Direkter, dem Här Fernand Rippinger, vun der Arcelor - amgaangen ass säit dem Ufank vun deem Joer ze schaffen an dass och e Comité de pilotage am Januar 2006 agesat ginn ass mat a priori den zukünftige Membere vun dem Conseil d'administration vun där ze schafender Gesellschaft.

Gläichzäiteg hu mer e Comité de consultation, deen e bëssen d'Fonction huet vun deem zukünftige Comité mixte, wou och déi véier Gewerkschaften, also engersäits déi zwou traditionell Eisebunnengewerkschaften, de Verband an de Syprolux an op där anerer Säit déi zwou traditionell Arcelorsgewerkschaften OGB-L an LCGB mat dra vertruete sinn. All déi Leit do, eng honnert vun Delegéierten aus all deene Beräicher, haten den 2. Juni - viru kuerzem also - zu Mondorf e ganzen Dag eng Aarbechtsréunioun, wou se all eenzel Facettë vun der Problematik duerchgeholl hunn.

Ech wëll soen, dass och eng Décisioun gefall ass iwwert de Sëtz vun der zukünftiger Gesellschaft CFL-Cargo. Si wäert hire Sëtz zu Esch hunn an der Enceinte vun der aktueller Gare an d'Aarbechten heifir sinn och amgaange gemaach ze ginn.

De Conseil d'administration vun där CFL-Cargo-Gesellschaft wäert sech zesummesetzen aus zwielef Memberen; dovunner fënnef vun der CFL, véier vun der Arcelor, dräi vun de Gewerkschaften, dovunner zwee aus dem CFL-Beräich an een aus dem Arcelor-Beräich, plus en Observateur aus dem Beräich vun de Syndikater vun der Arcelor. D'Présidence vun deem Conseil d'administration wäert och vun der CFL assuréiert ginn.

Wat de Fong ubelaangt ass et, mengen ech, wichteg ze soen, dass de Pacte d'actionnaires, dee jo ënnerschriwwen ginn ass am März 2006, mat de jeeweilege Statuten ënner Dach und Fach ass, dass den Dossier de notification bei der Kommissioun dese Mount agereecht gëtt, fir also do och evaluéiert an analyséiert ze ginn - mir hoffe bis Enn September eng Äntwert vun der Kommissioun ze hunn -, dass och de Compromis fir d'Vente vun der Infrastruktur mat der Arcelor fäerdeg ass an d'Ënnerschrëft dovunner imminent ass.

Datselwecht gëllt fir de Compromis fir d'Infrastruktur CFL, deen och amgaangen ass fäerdeg gestallt ze ginn. D'Demande vun der Licence ferroviaire fir déi nei Gesellschaft wäert am Juli am Ministère des Transports déposiert ginn, fir do och analyséiert ze gi mat enger Äntwert an enger Décisioun fir de Mount September. D'Redaktioun vun de Kontrakter zwëschen der CFL an der CFL-Cargo wäert Mëtt Juli finaliséiert sinn, fir dann eng Konstituéierung kënnen virzehuelen.

Mir hunn och an enger Rei vu Beräicher geschafft, déi am CFL-Tripartite-Accord wichteg sinn, zum Beispill deen, fir eng Grille tarifaire auszuschaffe fir déi kleng Clienten. Et ass e grouss Souci, dass d'Gesellschaft net nëmmen eng Arcelorsgesellschaft soll sinn an net nëmme fir d'Fracht vun der Arcelor do ass, mä och sech ëm all déi aner Clienten, déi bestoend, a wa méiglech och zukünfteg Clientë soll bekëmmern.

D'Reorganisatioun vun den Triagë vu Beetebuerg a vu Belval wäert dem Ministère vum Transport de 6. Juli elo virgestallt ginn, fir dann och evaluéiert ze ginn. An ech mengen, dass dat also wichteg Froe sinn, déi am Moment amgaange si beäntwert ze ginn an déi fir d'Realiséierung vum Projet ganz wichteg wäerte sinn.

Ech wëll mech net vill aloossen op déi Fro, wat fir eng Awirkungen an Aflëss déi aktuell Diskussiounen

um Niveau vun der Arcelor, sief et a Bezuch SeverStal oder Mittal, op d'Realiséierung vum Projet kënnen hunn. Perséinlech mengen ech, dass déi Inzidenzen net grouss wäerte sinn. Net nëmmen ass déi Schaffung en Acquis vun deem, wat all aneren, dee muer als Partner an d'Gesellschaft Arcelor mat erakënnt, och wäert honoréieren a respektéieren, mä ech géif souguer mengen, dass et éischter positiv Inzidenze wäerte sinn, well virun allem den Apport vun neie Clienten am Beräich vum «Long haul» et erlabe wäert, dass mer en neie Perimeter vlächicht kënnen schaffen, dass nei Méiglechkeete sech wäerten erginn, mat neie Gesellschaften, déi mer an deem Beräich kënnen opstellen.

Wat de Volet ubelaangt vun de legislativen Texter, esou ass et jo esou, dass mer eis muer an der Kommissioun vum Transport wäerten ënnerhalen iwwert den Avis vum Conseil d'État zum Projet vun dem éischte Paquet ferroviaire, dee mer gëschter kritt hunn. Ech mengen, dass mer eis an d'Lag wäerte versetzen, fir an der leschter Woch vun der Chamber am Juli kënnen dee Projet dann och stëmmen an domadder déi wichtegst Fro vun der Transposition vum éischte Paquet ferroviaire ze respektéieren an endlech deen dann och ëmzesetzen.

De Projet de modification vum Statut vun den Agente vun der CFL huet d'Regierung am Januar déposiert. E läit also beim Conseil d'État. Ech hoffen och do, dass mer den Avis schnell am Hierscht kënnen kréien, fir dee Projet dann hei och kënnen ze stëmmen.

An Dir wësst, dass de Projet de loi, deen d'Acquisitioun mécht vun den Infrastrukturen, souwuel um Niveau vun der Arcelor wéi um Niveau vun de fënnef Garé bei der CFL, an engem Montant vun insgesamt 132 Milliounen Euro, dass dee virun dräi Wochen déposiert ginn ass, a mir also och am Hierscht dann dee Projet hei diskutéieren a verabschiede kënnen.

Dorunner hänkt natierlech eng vun de Froen vun der definitiver Konstituéierung vun der Gesellschaft. Ech mengen, dass den Apport financier natierlech elementar ass, fir dat kënnen ze maachen, wa mer dat Gesetz an domadder och d'Autorisatioun un d'Regierung ginn, fir déi Transaktioun virzehuelen, déi natierlech net konnt einfach aus de Schong eraus geholl ginn, mä déi wierklech och verlaangt huet, dass een eng seriö Evaluéierung mécht vun den Infrastrukturen, vun hirem Wäert. Ech mengen, dat ass mat engem grouss Souci a mat engem grouss Soin och an deene leschte Woche gemaach ginn. Plus dann den Avis vun der Commission de l'infrastructure ferroviaire, dee mer Enn Mee kritt hunn, an d'Finaliséierung an der Regierung an den Dépôt, esou dass mer dat schnell da kënnen ëmsetzen an datt ech mengen, datt déi offiziell Konstituéierung un där do Deadline hänkt. Ech hoffen, dass déi dann och schnell kann iwwert d'Bühn goen.

Et hänkt dann och nach d'Fro drun, dass mer eis am Tripartite-Accord virgeholl hunn, fir d'Activité voyageur am Zesummenhang mam drëtte Paquet ferroviaire fréizäiteg virzehuelen, fir ze diskutéieren a wat fir eng Richtung, dass d'Ëmsetzung vun deem Projet, dee jo fir Lëtzebuerg och nach mat enger zousätzlecher Iwwergangszäit vun zwee Joer behaft ass, ka virgeholl ginn.

A richtig huet de Froesteller gesot, dass mer Enn des Joers jo och ufänken d'Erneuerung an d'Verhandlung vun de Contrats engersäits de service public an anerersäits de Contrats de gestion ze maachen. Dat gëtt besonnesch

wichteg am Zesummenhang mam Accord iwwert d'Direktiv „Obligations de service public“, déi jo am Conseil vun den Transportministere d'lescht Woch virgeholl ginn ass, a wou et wichteg ass, dass mer nach ënnert deenen ale Bestëmmungen zu där Erneuerung kommen.

Ech mengen, an der Direktiv gëtt do och respektéiert, wat e grouss Souci vu Lëtzebuerg war, dass nom Prinzip „pacta sunt servanda“ och déi bestoend Accordë respektéiert mussen ginn. Esou dass mer all Intérêt hunn, fir déi Fro esou schnell wéi méiglech virzehuelen.

Ech wëll ofschléissend ganz schnell soen, dass, wat déi eenzel Projeten ubelaangt - et waren där Froe vill, Här President, fir ze beäntworten -, ech mengen, wat d'Investitionsprojeten ubelaangt, net vill Neies ze soen ass par rapport zu der Diskussioun, déi mer hei schonn haten.

Wichteg ass, dass mer, souwuel wat d'Ëmsetzung vun deene gestëmmene Projetë wéi och d'Fäerdegstelle vun den APDen an de Projet-de-loien ugeet, wierklech mat engem ganz schnellen Tempo versiche virunzekommen, fir déi Projeten heihinner ze kréien an esou schnell wéi méiglech dann och an d'Realiséierung kënnen ze goen.

Merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Minister. Jo, Här Schreiner?

**M. Roland Schreiner (LSAP).**- Här President, ech wollt nach eng Zousazfro stellen.

**M. le Président.**- Jo, prinzipiell kënnt Dir eng stellen. Dir hutt awer allen zwee, sougutt Dir wéi den Här Minister, scho längst Är Zäit iwwerschrott.

**M. Roland Schreiner (LSAP).**- Neen, ech hu meng Zäit net iwwerschrott, ech hunn nach e puer Sekonnen.

**M. le Président.**- Da maacht et kuerz.

**M. Roland Schreiner (LSAP).**- Jo. Ech mengen, mer hunn elo déi lescht Deeg matkritt, dass de wesentleche Punkt vun den Tripartite-Accordë jo vill diskutéiert ginn ass, an dass d'Upassung vun den Aarbechtsbedingungene sech relativ schwierig uleisst, an dass d'Virschléi, déi d'CFL-Direktioun op den Dësch geluecht huet, net onbedéngt dem Geescht vum Tripartite-Accord entspriechen, virun allem, wat d'Auswirkungen op d'Sécherheet am Betrib an och op d'Gesondheet vun de Leit, déi am Secteur schaffen, ugeet.

Ech wollt de Minister froen, ob hien dës Aschtzung kann deelen, a wéi hie gedenkt ze intervenéieren, fir dass jidderee sech un déi Ofmaachungen hält, a fir dass déi ganz Reform net schonn dérapéiert, ier se ugefaangen huet. Ech mengen, et ass wichteg, dass déi ganz Ëmsetzung reusséiert. Dat ëmsou méi jo och de Stat vill Geld dran investéiert.

**M. le Président.**- Här Minister.

**M. Lucien Lux, Ministre des Transports.**- Ech mengen, et ass sécherlech heiansdo noutwendeg, d'Partneren drun ze erënneren, wat am Tripartite-Accord drasteet. Dofir war déi Mise au point vu virun e puer Deeg och un déi zwou Säite gerichtet.

Allerdéngs an deem präzise Punkt sinn ech ganz formell: Den Esprit vum Accord tripartite gesäit net vir, dass an der Festleeung vun den Aarbechtskonditiounen, deenen neien Aarbechtskonditiounen, mer zréckginn op den Droit commun. A mir hunn eis bei de Salären orientéiert um Kollektivvertrag vun der Arcelor, an ech mengen, dass bei deenen anere Conditions de travail

een och soll déi Orientéierung do fannen.

Mä ech muss awer soen, dass schonn an deene leschten Deeg: de Méindeg, gëschter an haut, zu deene jeeweilege Froen eng Rei vu Sëtzungen tëschent der Direktioun an de Sozialpartner stattfonnt hunn, déi an engem gudder Geescht iwwert d'Bühn gaange sinn.

Ech hoffen also, dass déi Mise au point un déi zwou Säiten dozou gedéngt huet, fir och d'Gewerkschaften drun ze erënneren, dass mer viru mussen kommen an dass mer eng Polyvalenz an nei Conditions de travail brauchen, dass dat noutwendeg ass, an ech mengen, dass elo och hoffentlech jidderee verstanen huet, ëm wat et hei geet.

**M. le Président.**- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zum éischte Projet de loi vun haut de Mëttég, de Projet 5513 iwwert déi europäesch Landschaftskonvention. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Goerens an den Här...

*(Interruptions)*

Här Bettel, wat ass Äre Problem?

**M. Xavier Bettel (DP).**- Ech hu kee Problem, Här President.

**M. le Président.**- Ech hu gemengt, Dir hätt lech zu Wuert gemellt.

*(Interruptions)*

De Vote iwwert d'Motioun vum der Debatt iwwert d'Héichschoul maache mer no véier Auer. De Minister kann net virdrun hei sinn. Voilà.

Also, d'Wuert huet elo de Rapport vum Projet de loi bei deem ageschriwwen sinn: den Här Oberweis, den Här Goerens an den Här Gira. Dat ass den honorablen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

## 2. 5513 - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne du paysage, ouverte à la signature, à Florence, le 20 octobre 2000

*Rapport de la Commission de l'Environnement*

**M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Här President, Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei deemem Projet de loi 5513 handelt et sech ëm d'Approbatioun vun där sou genannter „Florenz-Konvention“, dat ass d'Convention européenne du paysage. Déi huet als Objet d'Promotioun vun: Éischstens, dem Schutz; zweetens, der Gestiou; drëttens, vum Aménagement vun de Landschaften, a véiertens soll se och eng besser Zesummenaarbecht um europäesche Plang organiséieren, wat d'Landschaft ubelaangt.

*(Coups de cloche de la Présidence)*

Am Fong handelt et sech bei deemem Projet ëm eng Ergänzung vum internationale Recht. Dës Konvention reit sech an aner Konventionen an, déi mer scho getraff hunn, wat de Landschaftsschutz an och den Ëmweltschutz betrëfft. Zum Beispill reit déi Konvention sech an, niewert der UNESCO-Konvention iwwert de Schutz vum Patrimoine mondial, culturel an naturel, an d'Konvention vum Europarat, d'Convention de Berne, wou et drëm geet iwwert d'Conservation vun der Vie sauvage a vum Milieu naturel, och d'Grenada-Konvention, wou et ëm den architektonesche Patrimoine vu Lëtzebuerg geet, an d'Konvention vu La Valletta, wou et ëm de Schutz geet vum archeologesche Patrimoine.

Esou eng Ergänzung ass wichteg, well den Natur- an den Ëmweltschutz ass ëmmer méi e wichtige Sujet hei zu Lëtzebuerg. E gëtt och ëmmer méi eescht geholl.



Prioritéit huet awer oft de Schutz vun den natierleche Ressourcen, well hei och déi Leit, déi sech am Fong manner engagéiere fir den Naturschutz, réaliséieren, dass d'Ressourcen erschöpflich oder endlech sinn, an domadder ëmmer méi e bestëmmende Facteur fir d'Ekonomie ginn; Beispill Waasser an Energie.

Méi schwéier deet sech awer d'Politik mat deenen Deeler vum Ëmweltschutz, déi méi indirekt oder vläicht manner licht moossbar d'Liewensqualitéit vun de Bierger betreffen. Do kéint am Fong dës europäesch Konventioun iwwert de Landschaftsschutz en neien Impuls ginn.

Wat heescht Landschaftsschutz? Eng Landschaft kann ee schliesslech net schützen, wéi een eng Déierenaart schützt oder eng Planzenaart, déi vum Ausstierwe bedrot ass. Wat ass eng Landschaft? A virun allem: Wat ass eng schéin oder wäertvoll Landschaft oder eng schützenswäert Landschaft?

D'Konventioun probéiert am Fong eng éischte Kéier eng Definitioun vu Landschaft ze ginn an hält gläichzäitig fest, dass et sech dobäi ëm eppes ganz Subjektives dréint. Erlaabt mer d'Definitioun ze zitéieren, wéi se an der Konventioun steet: «Paysage' désigne une partie de territoire telle que perçue par les populations, dont le caractère résulte de l'action de facteurs naturels et/ou humains et de leurs interrelations.»

No dëser Definitioun kann eng Landschaft souwuel natierlech, wéi vum Mënsch geschafen Elementer enthalten. Si bezitt sech deemno net nëmmen op de ländleche Raum, mä och op Stied, Dierfer oder industriell genotzte Landstrécher.

Wa Landschaft all Méiglechkeits sinn, si mer enger Definitioun am Fong net méi no. Hei miesst am Fong d'Konventioun der Participatioun vum Public eng wesentlech Roll zou. Vu dass et jo indirekt d'Zil vun der Konventioun ass, d'Liewensqualitéit vun de Leit, déi a verschiddene Regiounen liewen, ze erhalen respektiv ze verbesseren, ass dat Ganzt logesch. Déi Betraffe solle selwer soen, wat fir si un hirer Regioun typesch ass, wat fir eng Landschaftselementer charakteristesch sinn, an dofir och erhalen misste bleiwen.

Wat heescht dat dann och am Fong eng Landschaft schützen? Et heescht op kee Fall, dass alles esou bleiwe soll, wéi et ass. Wann een awer bis doriwwer eens ass, wat de Charakter vun enger Landschaft ausmécht, kann een nei Projete esou plangen, dass se sech an déi bestoend Landschaft esou afügen, dass se dat typescht Landschaftsbild net stéieren.

D'Konventioun schléisst och net aus, dass eng Landschaft e komplett neie Charakter kritt, well sech d'Regioun grondleeënd verännert. Wann an engem ländleche Raum zum Beispill op eemol manner Bauere sinn, a gläichzäitig neie Wunnraum an esouguer nei Uertschaften entstinn, muss dat keng negativ Verännerung sinn am Sënn vum Landschaftsschutz. Et kënnt virun allem drop un, wéi esou Projete réaliséiert ginn an ob een et fäerdeg bréngt en neit Landschaftsbild ze schafen, dat de Leit dat subjektiv Gefill gëtt an enger Géigend ze wunnen, déi en eegene Charakter huet, mat där se sech kënne identifizéieren, an an där se gäre liewen.

Obwuel d'Definitioun vun dem Begrëff Landschaft bewusst vag gehale gëtt, verpflichte sech d'Signatairë vun der Konventioun awer zu enger Rei vu konkrete Mesuren.

Als Éischt verpflichte se sech de Konzept vun der Landschaft um juristeschen Niveau unzuerkennen, deen e wichtege Aspekt vum Liewe vun den Awiner ass an en Deel vun hirer Identitéit duerstellt. D'Signatairë mussen eng Landschaftspolitik entwéckelen, déi de

Schutz, d'Gestioun an den Aménagement vun der Landschaft garantéiert. Si mussen de Landschaftsschutz an hir aner Politikberäicher mat abannen, a si mussen virun allem d'Prozedure schafen, déi eng Participatioun vum Public erméiglechen.

D'Signatairë waren awer och d'Accord fir e puer méi speziell Moossnamen ze huelen. Esou soll an enger éischter Phas eng Aart Bestandsopnahm gemaach ginn. Déi eenzel Landschaften sollen analyséiert ginn, an hir Qualitéit festgehale ginn. Op dëser Basis sollen da Propose gemaach ginn, wéi een dës Qualitéit ka verbessere respektiv erhalen, woubäi all déi betreffend Leit solle kënne matgeschwätzen. Dorausergit sech da Strategien, déi vun der Politik ëmgesat gi mussen.

E ganz wichtege Element, wann een d'Bierger wëllt encouragéieren, fir sech un esou engem Décisionsprozess ze bedeelegen, ass d'Sensibiliséierung vun de Leit fir dëse Sujet. D'Konventioun gesäit dofir och zwou Mesurë vir: D'Sensibiliséierung an d'Formatioun, wat dat betrëfft.

Wat bedeit all dëst fir Lëtzebuerg? D'Konventioun ass virun allem eng Absichtserklärung. Et hänkt dovunner of, wat mir alleguer hei doraus maachen. E puer Usätz, fir an d'Richtung vun der Konventioun ze goen, si schonn do. E wichtege Impuls an dësem Sënn gëtt de Programme directeur fir den Aménagement du Territoire vun 2003. Gréngzonen tëschent den Uertschaften, Landschaften, déi net zersiedelt däreft ginn, a Schutzzonen, déi als Naherholungsgebiet sollen dëngen, sinn an dësem Kontext virgesinn.

De Landschaftsschutz ass och ageschriwwen am Gesetz vun 2004 iwwert de Schutz vun der Natur a vun den natierleche Ressourcen.

Verstäerkt a preziséiert wäert de Landschaftsschutz och iwwert deen neie Plan sectoriel „Grands ensembles paysagers et massifs forestiers d'un intérêt particulier" ginn.

Nodeem mer d'Aarhus-Konventioun ënnerschriwwen hunn, dierft d'Participatioun vum Public am Ëmweltberäich och ëmmer méi eng grouss Roll spillen.

Mir sinn deemno schonn op dem Wee, deen déi europäesch Konventioun eis iwwert de Landschaftsschutz virgëtt. Ech ginn dovunner aus, dass mer op dësem Wee wëlle weidergoen. An deem Sënn ass et och richtig, wa mer d'europäesch Konventioun iwwert de Landschaftsschutz ratifizéieren. Ech géif lech duerfir bieden dësem Projet de loi Är Zoustëmmung ze ginn.

Am Numm vu menger Fraktioun géif ech awer gär ënnersträichen, dass mer ganz um Ufank sti vun engem Prozess, an dass et wichtege wier, dass mer den Impuls, dee vun dëser Konventioun ausgeet, opgräifen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg leider net ëmmer d'Gewunnecht d'Bierger direkt a politesch Décisionsprozesser mat anzubannen.

D'Prozeduren, déi esou eng Participatioun erméiglechen, si ganz begrenzt. Et ass och net ëmmer einfach fir den Duerchschnittsbierger un déi Informatiounen ze kommen, déi e bräicht fir op eng sënnavoll Manéier kënne matzedecidéieren. Dat féiert dozou, dass déi meeschte Leit scho guer net d'Gewunnecht unhuele sech ze engagéieren, a wann dach, gi se net ëmmer wierkelech encouragéiert.

Mir brauchen also eng duebel Form vu Sensibiliséierung: Méi Opmerksamkeit fir de Sujet Landschaftsschutz selwer, mä och d'Motivatioun vun de Leit fir sech um lokalen Niveau fir hir Regioun anzusetzen.

Op där anerer Säit muss awer och de Stat d'Mëttle fir dës Participa-

tion zur Verfügung stellen. Relevant Informatiounen mussen schnell a lichter fir jiddereen zougänglech sinn.

Wéi schwéier mer eis an dësem Punkt dinn, weisen ënner anerem d'Internetsitë vun deene verschiddene Ministère. Do sinn der drënner, op deenen ee ganz aktuell a benutzerfrëndlech all wichteg Informatiounen fënnt, an anerer si leider hoffnungslos veraalt. Do fënnt ee sech net ëmmer esou lichter zu recht.

Da mussen mer awer och iwwer nei Weeër nodenken, wéi een et méiglech mécht vill Leit an eis Décisionen mat anzubannen, ouni dass wichteg Projete awer komplett blockéiert ginn. Ee Problem besteet jo doranner, dass Leit, déi normalerweis net u politeschen Décisionen bedeelegt sinn, sech just dann engagéieren, wann e staarke perséinlechen Intérêt besteet. Oft steet e geplangene Projet deem perséinlechen Intérêt am Wee.

Eng öffentlech Debatt iwwert de Landschaftsschutz soll dofir suergen, dass Projete an enger besserer Qualitéit réaliséiert ginn, an dierf net dozou féieren, dass et nach méi schwéier a laangwiereg gëtt, fir zu enger Décision ze kommen. D'Participatioun vu verschiddenen Acteuren muss um Enn eppes Positives fir d'Allgemengheet bréngen. Se dierf net en zousätzleche Moyen vun de Leit mat Partikularinteressie sinn, fir e Projet ze blockéieren.

Hei zu Lëtzebuerg dauert et - dat wësse mer all - oft Jore bis ee sech grondsätzlech drop géenegt huet, fir e grouss Projekt an enger bestëmmter Form ze réaliséieren, egal ob mer hei vun engem Tracé vun enger Autobunn oder vum Tram oder vum Site fir e Prestigegebaue oder souguer vum Site fir eng Schoul schwätzen. Wann dann endlech eng Décision de principe geholl ass, muss et op eemol ganz schnell goen, an et wëllt dann um politeschen Niveau kee méi eng Biergerinitiativ oder eppes Ähnlech, déi de Projet géing blockéieren.

Ech gesinn, meng Zäit ass ofgelaft. Ech hätt nach e puer Saachen ze soen, mä ech hoffen...

**(Interruption)**

Ech sinn nach net zrëckgepaff ginn.

**M. le Président.** - Kommt elo esou lues zum Schluss, Här Angel.

**M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Bon, ech hoffen duerfir, dass d'Ratiofikatioun vun der europäescher Landschaftskonventioun eis e weideren Ustouss gëtt, fir dass mer hei zu Lëtzebuerg, souwuel am Sënn vum Landschaftsschutz wéi och an enger méi enker participativer Politik weiderkommen. Meng Fraktioun op alle Fall wëllt an dës Richtung goen, an ech froen lech duerfir hei alleguer ëm d'Zoustëmmung fir dëse Projet de loi.

Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Här Angel. Éischte Riedner ass den honorablen Här Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

**M. Marcel Oberweis (CSV).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, am Ufank vu menger Ried wëllt ech dem Rapporteur, dem honorabele Marc Angel Merci soe fir dee flotte schrëftlechen a mëndleche Rapport iwwert d'Konventioun vu Florenz, déi ons Landschaften schützen soll.

Dës Konventioun soll a sech d'Responsabilitéit géigeniwwer engem lërfstéck vun onse fréiere Generatiounen ënnersträichen, well grad si et jo gemaach hunn, dass mir haut iwwer d'Landschaften schwätze kënnen.

Dës Konventioun ass awer och dat éischt völkerrechtlecht Ofkommen, dat et sech zum Zil gesat huet, eis Landschaften als e Ganzt unzegesinn. An deem Zesummenhang gëtt all Joer e Präis verginn, fir déi Aarbechten ze honoréieren, déi sech ganz speziell fir d'Protektioun vun de Landschaften agesat hunn.

Interessanterweis ass de Begrëff „Landschaften" déi éischte Kéier benotzt ginn am Joer 1598, an dat am Zesummenhang mat den hollänneschen Landschaftsmoler. Wann ee siche geet, da fënnt een dat och nach erëm. D'Landschaften sinn net vun haut a gëschter, mä et ass schonn e bësse méi laang hier.

Eis Landschaften hunn awer, dovunner kann ee sech dobaussen iwwerzeegen, eng ausgeprägten histoiresch a kulturell Dimension. Duerch dës Konventioun gi mir all opgeruff se ze protegéieren an och weider ze entwéckelen. Well awer d'Landschaften an onser Zäit net kënne lassgekoppelt gi vun de wirtschaftlechen Iwwerleeungen, mussen mir Suerg droen, dass eng nohalteng Entwécklung tëschent der Wirtschaft an der Ëmwelt besteet.

Grad d'Qualitéit vun de Landschaften an och d'Liewensqualitéit vun de Mënschen, déi hei wunnen a schaffen, dierf net zerstéiert ginn. Jiddereen - mir wësse jo, dass der vill heibannen sinn, déi reesen - gesäit an Europa wéivill flott Landschaften et gëtt. Landschaften, déi als e Patrimoine culturel vun dem eenzelne Land ugesi ginn an domadder och dann e Stéck vun dem europäesche Landschaftspuzzle duerstellen.

A well jo an Europa esou vill vu Regiounen a Landschaften geschwat gëtt, ass et och gutt, dass dës europäesch Konventioun endlech geschriwwen ginn ass.

D'Konventioun huet e puer Objektiv. Ënner anerem gi mir eis selwer eng Base juridique, fir eis Landschaften ze protegéieren a fir se esou an engem gudden Zoustand ze erhalen.

Fir dat ze réusséieren mussen mir awer e puer Volete vernetzt ugesinn an net méi nëmmen an enger Dimension. Den Aménagement du Territoire, den Urbanissem, d'Kultur, d'Ëmwelt, d'Landwirtschaft, déi sozial Aspekter an d'Wirtschaft selwer mussen zesummegeféiert ginn.

D'Erhale vun de Landschaften kann awer nëmmen dann zu engem Resultat geféiert ginn, wa jidder Eenzelne sech fir dës wichteg Aufgab aasetzt. Dat ka geschéien iwwert de Wee vun dem Elterrenhaus, der Schoul, de Betriber, de Veräiner an och - ech rappeléieren dat och ëmmer gären hei - iwwert déi nei Universitéit.

E Grupp vu Mënschen an der Gesellschaft huet dat scho laang erkannt, dat sinn eis Wënzer an eis Baueren, déi jo iwwer a mat de Landschaften hiert Brout verdénge mussen.

Iwwert déi verschidde LEADER-Programmen an eise Regiounen si schonn eng ganz Rei vu Projete op d'Schinn gesat ginn an och fir d'Groussregioun mat anzubannen. Eis Landschaften kennen nämlech keng Grenzen. Mir ginn hinne just eng aner Numm, wéi zum Beispill d'Ardenen an der Belsch, d'Eislek bei ons an d'Eifel an Däitschland.

An der Rumm vum IVL ass och an engem sektorielle Plang op d'Erhaltung vun eise Landschaften higewise ginn an dat nei Naturschutzgesetz vum 19. Januar 2005 wëllt dat kloer ënnersträichen, well do sinn Nationalpläng fir de Schutz vun der Natur an de Landschaften virgesinn.

Zum Schluss vu mengen Ausféierung soll drop higewise ginn, dass an der Konventioun vu Florenz och Bezuch geholl ginn ass op d'Konventioun vun Aarhus; an de Marc Angel ass dorobber schonn agaang.

Do gëtt ervirgestrach, dass d'Matbierger relativ fréi an den Décisionsprozess agebonne ginn, fir eben hir Landschaften ze erhalen, och wann dat heiansdo net ëmmer esou einfach ass, well d'Contraintë vun der Wirtschaft a Considérationen gezu mussen ginn.

Mat dem Unhuele vun der Konventioun gëtt Lëtzebuerg sech e weidert Instrument fir eng kohärent Protektioun vu senger Landschaften ze erméiglechen.

A sécherlech wäerte mir an der Rumm vun deem neien Agrargesetz a vun dem ländlechen Entwécklungsplang och op dës Konventioun agoen.

Mat dem Abréngung vun dem Accord vu menger Fraktioun soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Merci, Här Oberweis. Nächste Riedner ass den honorablen Här Goerens. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Goerens (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och den Accord vu menger Fraktioun zu dëser Konventioun bréngen. Mir hëllef den déi mat ratifizéieren, och wann ech net den iwwerschwänglechen Optimismus an d'Euphorie vu mengem Riedner, dem Här Oberweis, deelen.

Well d'Fro ass natierlech berechtigt: Wat bréngt déi Konventioun hei un Niemei? D'Antwort ass ganz einfach: Strictement néischt. Wat géing et also bréngen, wa mer se net géinge ratifizéieren? Ma da géife mer eis singulariséieren, dat wier och net gutt. Mä wa mer se also ratifizéieren ouni en iwwerdrüwwenen Erwaardungshorizont hei opzemaachen, solle mer eis awer soen, dass keng nei Problemer dobäikommen, mä déi al Problemer sinn och net geléist. An déi al Problemer, déi mussen geléist ginn, dat ass: Wéi komme mer aus dem Arbiträr eraus?

An de Rapporteur huet zu Recht gesot, mir hunn et hei mat enger subjektiver Opfaassung ze di zum Begrëff „schützenswäert Landschaft" - an dat wäert och nach eng Zäit laang esou bleiwen. Och wann no der Konventioun vu Florenz nach eng aner kënnt an duerno erëm eng aner, mir kënne 36 Konventiounen maachen, mä hei am Land hu mer ëmmer nach de Problem vum Arbiträr.

An et ginn zwou Haltungen...

**(Interruption)**

Jo, et ass esou, well wann ee muss e Choix maachen en absence vu präzise Kritären, dann ass ee forcément an Arbitragen dran. Ech soen dat ganz neutral, well dat effektiv esou ass.

Eng fundamentalistesche Ausleeung vun de Begrëffer léisst éischter bei de Leit eng Reaktioun géint den Naturschutz opkommen, wéi mer dat feststellen, wann eng Autorisatioun ze laang op sech waarde léisst, an eng ze vill large bréngt eis och net weider. Mir müssen also kucken, dass mer au fur et à mesure et fäerdeg bréngen, déi Obstacelen ze iwwerwannen.

Wann ech dat soen, wëll ech awer och nach ënnersträichen, dass mer mat der Partizipatioun a mam participativ Landschaftsschutz keng Problemer hunn, mä wann den Noper an den zweeten Noper an den drëtten Noper sech iwwer e Projet geäussert hunn an och nach eventuell e Comité vun enger Initiativ, déi bei engem Projet gegrënnt gëtt, misst zum Schluss awer och nach an net zulescht de Propriétaire selwer, dee befaasst ass mat esou engem Projet, kënne Sâint dozou bäi-



droen, well hie misst och kënnen un den Décisiounen, déi hie selwer treffen, mat partizipéieren.

Vu datt ech elo déi intrinsèque Valeur vun dëser Konventioun a geraffter Form heiriwwer bruecht hunn, mengen ech och, am Sënn vun der Proportionalitéit, meng Ried net muttwëlleg mussen an d'Längt ze zéien.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Goerens. Den Här Gira. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, selbstverständlech wäerten déi Gréng dës Konventioun och stëmmen.

Mir sinn awer frou, dass deen neie Begrëff vum Paysage elo Nidderschlag fënnt an Texter an ech géing e wierklech net nëmmen mat Landschaft iwwersetzen, mä mat Kulturlandschaft. Well wann een den Text kuckt an och kuckt wéi eng Landschaft mer solle schützen, da geet et jo éischter grad ëm déi Landschaften, déi schonn en Impakt vum Mënsch hunn an der Vergaangenheet, et geet souguer drëm eventuell ganz elle Landschaften - wann ech dat esou dierf soen -, mä déi awer ganz kloer eng gewësse Charakteristik fir eng Gesellschaft hunn, ze schützen. An ech mengen, dat ass awer eng Plus-value. An deem Sënn wier et vläicht bal méi ubruecht gewiescht dee Projet hei vum Kulturministère abringen an och behandeln ze loosse.

Ech wollt an dëser Diskussioun eigentlech just eng Remarque zousätzlech zu menge Virriedner maachen, dat ass, dass mer awer elo missten dat Gesetz, wat déposiert ass iwwert d'Sites et Monuments, ofklappen, ob et konform ass zu dëser Konventioun.

Mir hunn an der Ëmweltkommissioun festgestallt, dass dat neit Naturschutzgesetz eigentlech konform ass zu deem, wat dës Konventioun wëllt hunn, wat d'Partizipatioun vun de Biergerinnen a Bierger ubelaangt a wat d'Ausweise vun Naturlandschaften ubelaangt.

Mä ech géing en Appel maachen un déi Leit, déi an der Kulturkommissioun sinn. Ech hu mer soe ge-looss, dat Gesetz géing am Hierscht op de Leescht geholl ginn. Ech mengen, mir mussen dat ofklappen; besonnesch, wann ech dat aalt Gesetz nach e bëssen an Erënnerung hunn, ass do d'Partizipatioun vun de Bierger a Biergerinnen net schrecklech ausgepräegt, duerfir mengen ech muss ee sech froen, ob een an dat neit Gesetz net dee Volet, awer och nach aner, aus dëser Konventioun afale léisst.

Fir mech passt eng Diskussioun, déi mer an der Vergaangenheet haten, typesch heiranner. Et ass déi iwwer Meesebuerg. Meesebuerg ass keng Landschaft, déi een aus naturschützerescher Sicht soll schützen. Ech weess net, ob do vill extra Planzen an Déieren aarte virkommen, mä Meesebuerg ass ebe grad d'Resultat vum Zesummekomme vun enger natierlecher Landschaft awer vu Mënschenhand geprägt mat der Kombinatioun vu relativ wäertvolle Gebailechkeeten. Et geet grad do-drëm, an ech mengen, dass mer an der Vergaangenheet, op jidde Fall hat ech dat Gefill, eist Gesetz vun de Sites et Monuments bal exklusiv agesat hunn, fir Monumenter ze schützen a manner fir Siten ze schützen. Deementspriedend muss mer kucken, dass mer dat neit Gesetz och konform zu deem Esprit an zu deem Geescht maachen.

Ech wollt nach vläicht kuerz agoen op déi Remarque vum Charles Goerens iwwert den Arbiträr. Na-

tierlech wäert et och an Zukunft Diskussiounen ginn, wat dann elo eng schützenswäert Landschaft oder Kulturlandschaft ass, mä wat awer misst acquis sinn, dat ass, wa mer eis eng Kéier an der Gesellschaft bis géeneegt hunn, dass eppes dodrënner fält, dann dierf et awer net permanent a Fro gestallt ginn!

Et ass awer dat, wat och an der Vergaangenheet, muss ech ganz éierlech soen, zu Konflikter gefouert huet. Et géing kengem Mënsch afalen den Tram matzen duerch d'Kathedral fueren ze loosse. Mä et ass awer Leit agefall,...

(Interruptions)

...dat muss ech soen, et ass Leit agefall eng Autobunn matzen duerch e Bësch ze bauen, deen zënter 1981 als schützenswäert agestuut war. An ech mengen, do sinn d'Konflikter hierkomm, an et ass logesch, dass et arbiträr wäert bleiwen, eng Rei Siten, eng Rei Monumenter, eng Rei Kulturlandschaften ze definéieren. Mir musse awer och eng Kéier esou wäit kommen, dass wann och Naturlandschaften, Naturmonumenter als solch aklassiert sinn, dann dierf awer och net permanent dru gefréckelt ginn.

Dat gesot, géing ech selbstverständlech den Accord vun eiser Fraktioun bréngen. Ech soen lech Merci.

■ **M. le Président**.- Merci, Här Gira. Dann den Här Mehlen nach. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een déi Konventioun kuckt an et kuckt een, zu wat Lëtzebuerg sech doranner engagiert, da wëll ech déi zwee éischt Punkten eraushuelen, fir kuerz ze zitieren: «...à reconnaître juridiquement le paysage en tant que composante essentielle du cadre de vie des populations, expression de la diversité de leur patrimoine commun culturel et naturel, et fondement de leur identité (...)»

Dat héiert sech an der Theorie alles ganz schéin un, mä wat een an der Praxis draus mécht, dat ass eppes anescht.

Zweete Punkt: «...à définir et à mettre en oeuvre des politiques du paysage visant la protection, la gestion et l'aménagement des paysages par l'adoption des mesures particulières visées à l'article 6 (...)» Wann een dat eng Kéier duerchdenkt, da fält et jo op - an dat ass jo och hei virdru schonn zum Ausdrock komm -, datt selbstverständlech domat net visiert ass, d'Landschaften an hiren ursprénglechen Zoustand, esou wéi se virun 1.000 Joer vläicht oder 2.000 Joer waren, zréckzeversetzen, mä och d'Kulturlandschaften, esou wéi se geschafe si ginn am Laf vun der Zäit, ze schützen.

A wa mer dann an d'Praxis ginn, an ech mengen, et war dat, wat de Charles Goerens visiert huet, da gesi mer ganz séier, wou d'Konflikter leien. Ech huelen e puer Reizwierder.

Dat eent, dat heescht Remembrement. Mir haten elo eng Initiativ geholl an der Agrarkommissioun, wou mer gesot hunn, da gi mer emol op den Terrain kucken, fir an der Praxis ze gesinn, wéi dat sech dann do huet mat deene Kontroversen, a wat dann d'Argumenter vun där enger an där anerer Sait sinn, a wéi gutt datt déi Argumenter sinn, a wou de gesonde Mënscheverstand ufänkt a wou d'Ideologie ophält.

Fir d'éischt ass d'Visite an enger Gemeng ofgesot ginn „pour des raisons techniques“, an dunn ass se definitiv oder ganz ofgesot ginn och nach an där anerer Gemeng. Ech hu bis haut nach keng Erklärung dozou héieren, mä ech hunn e bëssen d'Gefill - well et ass eng aner Réunioun aberuff ginn, wou mer elo mat der Chambre d'Agri-

culture sollen iwwert de Problem schwätzen, amplaz datt op der Plaz emol ugekuckt misst ginn, wou dann d'Problemer sinn -, datt tatsächlech gefaart gëtt, fir sech an der Praxis mat där Problematik do ausernee ze setzen. Dat ass op jidde Fall mä Gefill.

Mir hu verschidde juristesche Instrumenter; dat eent, dat ass d'Gesetz iwwert de Remembrement. Mir hunn eng ganz Panoplie vu gesetzlechen a reglementareschen Dispositiounen iwwert den Naturschutz. Elo kënn den Landschaftschutz dobäi. Dat heescht, dat Ganzt gëtt insgesamt nach e bësselche méi komplizéiert.

Zweet Reizwuert - well ech net ganz vill Zäit hunn -: d'Renaturierungen, déi jo déi lescht Zäit elo erëm ëmmer méi an d'Gespréich kommen. Ech kommen zréck op meng Introduktioun. Dat ka jo net heeschen, wann een dat do liest, datt een als Referenz den Zoustand vun der Landschaft virun 2.000 Joer hält. Mir schéngt et, datt verschidde Leit an hirer ideologescher Siichtweis wierklech drop aus sinn, fir dat erëm hierzustellen.

■ **Une voix**.- Wéi mengt Der dat?

■ **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Ech hunn de Moien de Radio gelauschert, do ass een Numm genannt ginn, mä do ass jo awer an der Hierarchie och nach e bësse méi wäit no uewe bis den Direkter vun der Forstverwaltung an da leschten Enns sinn och déi politesch Responsabel do genannt ginn; net nëmmen den Här Kirpach, deen ëmmer vun all Mënsch weinst där Attitüd do an d'Gespréich geréit.

Tatsaach ass, datt mer net weiderhi kënnen an enger Partie Projeten immobiliséiert sinn, well verschiden Ideologien do openeen treffen a kee bereet ass, eng Décisioun ze huelen, oder op där anerer Sait Leit hir Ideologie einfach wëllen duerchsetzen, souguer deelweis géint de Wëlle vun de Propriétaires oder den Exploitanten.

Dat nëmmen als Beispill fir ze soen, wéi schwierig a wéi komplex dat Ganzt ass, wäit iwwert de Landschaftsschutz oder den Naturschutz eraus.

Dat Drëtt: D'Landschaft an de Landschaftsschutz hunn och eppes mat Landwirtschaft ze doen, an ech mengen, et muss och drëm goen, fir déi wierklech landwirtschaftlech geprägte Landschaften ze schützen.

De Baueremilieu verlaangt schonn zënter laangem, menger Meinung no och zu Recht, fir eis Kulturlandschaften, do wou Landwirtschaft bedriwwen gëtt, wou eis fruchtbar Biedem sinn, do wou eis Nahrungsmittel produzéiert ginn, fir déi och ze schützen. Tel quel. Dat sinn och keng Landschaften, wéi se virun 100 oder 200 Joer ausgesinn hunn, do huet eng Evolutioun stattfonnt, mä ech fannen, och dee Beräich misst, wa mer hei scho vu Landschaftsschutz schwätzen, berücksichtegt ginn. Da kann een dat net nëmmen ënner dem rengen Aspekt vun Naturschutz gesinn, mä da muss een et och ënnert dem ganze facetteräichen Aspekt gesinn, an do gehéiert de Schutz vun de landwirtschaftleche Flächen och drënner.

Dat gesot, wëll ech trotzdem soen, datt mir dësem Projet eis Zoustëmmung wäerte ginn. Ech soen lech Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. le Président**.- Merci, Här Mehlen. Zum Ofschloss vun der Diskussioun hält den zoustännege Minister, den Här Lucien Lux, Stellung. Här Lux.

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll net nach eng Kéier zréckkommen op all déi Ausféierungen, déi de Rapporteur gemaach huet, deem ech och wëll félicitéiere fir seng Aarbecht, där schrëftlecher an där mëndlecher, och an der Kommissioun.

Ech menge schonn, dass mäi Virgänger am Amt, de Kolleeg Charles Goerens, Recht huet, wann hie seet, dass mer eng ganz Rei vun Instrumenter, déi wichteg ware fir d'Ëmsetzung vun dëser Konventioun, an deene leschte Jore scho geschafen hunn.

Dat geet vum Programme directeur vun der Landesplanung eriwuer zu dem neien Naturschutzgesetz, wat eng Rei vun Dispositiounen, och wat de Paysage ubelaangt, schonn enthält, an och juristesche Instrumenter ergëtt, fir dat ze maachen. Dat betrëft virun allem d'Ausaarbechtung vun dem Plan sectoriel iwwert d'„Grands ensembles paysagers“, dee mer amgaange sinn ze maachen, an deen a sech dat Instrument ass, wat dëser Konventioun am meeschte wäert nohëllefen, wa mer eis emol eens sinn iwwert déi Flächen, déi hei kënnen ëmgesat ginn, esou dass ech mengen, Instrumenter hu mer.

Mä ech sinn awer och mat all deenen d'accord, déi hei uewe gesot hunn, dass dës Konventioun, besonnesch och an der Tatsaach dem Tatbestand vun der Landschaft an der Kulturlandschaft eng juristesche Basis ze ginn, schonn e Mehrwäert politesch a juristesche ass, dee mer hei kréien.

An der Ëmsetzung herno och, wann ech d'Plan-sectoriellé gesinn an der Diskussioun, déi mer herno ze féieren hunn, tëschent der Kohärenz vun de Plan-sectoriellen, vun de Zones d'activités mat deene vum Transport, mat deene vum Logement an och deene vun den „Grands ensembles paysagers“, dann ass esou eng Konventioun sécherlech hëllefreich fir déi juristesche Breetwäit, déi mer der Landschaft an, wéi et richteg gesot ginn ass hei, der Kulturlandschaft ginn an all senge Facetten, och vun historeschen Traditiounen an esou virun, déi do wichteg sinn.

Da kommen ech zréck op dat, wat de Kolleeg Robert Mehlen hei gesot huet, an och zum Deel de Kolleeg Charles Goerens. Ech mengen, dass een déi Diskussioun net ka lassgeléist féieren aus enger theoretescher akademescher Réunioun, déi mer hei maachen, an eis do ergötzen iwwert de Wäert vun de Landschaften, wa mer net schwätzen iwwert dat, wat d'Tatbestänn dobause sinn.

An all d'Virgänger - an ech mengen heibannen den Alex Bodry souwuel wéi och de Kolleeg Goerens - wäerten e Lidd kënnen dovu sängen, wéi schwéier et an der Realitéit ass, d'Ëmsetzung vun der Fleeg an dem Schutz vun de Landschaften zesumme mat den ekonomeschen, landwirtschaftlechen awer och industrielle Gegebenheeten.

An da schwätze mer iwwert déi Reizwierder, déi hei gesot ginn. Ech wëll awer e puer Remarquen dozou maachen.

Wann dat éischt Stéchwuert dat ass vun de Remembrementen, da soen ech, dass déi Aart a Weis, wéi mer säit e puer Méint iwwert déi Aart a Weis wéi Remembrementen ze maache sinn, diskutéieren tëschent dem Ëmwelt- an dem Landwirtschaftsministère, vu Säite vum Ëmweltministère alles anescht wéi eng ideologesch Debatt ass. Alles anescht wéi eng ideologesch Debatt! An alles anescht ass, wéi eng Debatt, déi net de Versuch och mécht am Dialog mat alle Concernéierte wierklech och zu Kompromësser am Rahme vum Périmètre viticole ze kommen.

A wann e Règlement grand-ducal, dee soll d'Ausféierung maache vun

den Impaktstudien, déi am Rahme vun de Remembrementen solle gemaach ginn, säit iwwer zéng Joer net geholl ginn ass, dann huet dat jo och vläicht Grënn, déi domadder ze dinn hunn, dass hei e Blocage stattfënnt, deen awer net en eesäitege Blocage ass op Säite vum Ëmweltministère.

An dofir géing ech mengen, dass et héich Zäit gëtt, dass mer sollte kucken am Rahme vum Périmètre viticole net dofir ze suergen, dass mer e Remembrement maachen, wou een aus engem Nordhang e Südhang mécht, mä wierklech dofir ze suergen, wa mer e Remembrement maachen, dass déi Elementer - esou wéi et am Gesetz enthalen ass - vu Landschaftsschutz a vun Naturschutz och considéiert ginn; considéiert ginn, net sech mussen deenen aneren Elementer superposéieren, mä considéiert ginn. Dat ass alles, wat mer verlaangen, wat an där Diskussioun do noutwendeg ass.

Déiselwecht Diskussioun stellt sech am Zesammenhang mat de Konflikter, déi mer och tëschent der Landwirtschaft an dem Naturschutz hunn.

Ech hunn de Moien, wéi Dir, um hallwer aacht den Interview héiere vum President vun der Centrale paysanne. Ech muss soen, ech hat awer Schwierigkeeten nozevollzéien, wat fir eng Virwërf hei un d'Adress vum Ëmweltministère gemaach gi sinn.

An et ass eng gutt Geleeënheet dovunner ze profitéieren, dass wann hei gesot gëtt, et war net genuch Dialogbereetschaft um Niveau vum Ëmweltministère, da muss ech awer soen: Wann ech an der Ausaarbechtung vum nationalen Naturschutzplang do déi lescht Méint zréckkucken, wéi vill Table-ronden, Réuniounen vun Aarbechtsgruppen, wou vu Virenen d'Landwirtschaft an alle Gremien an an allen Aarbechtsgruppe matvertruede war, fir iwwert d'Ausrichtung vun der Naturschutzpolitik ze diskutéieren, da froen ech mech awer wierklech wou esou e Virworf kann hierkommen.

An ech géing woen ze behaapten, dass, wann um Niveau vun der Landwirtschaftspolitik d'Elementer an d'Organisatiounen vun dem Naturschutz gradesou gutt representéiert wäire wéi ëmgedréint déi vun der Landwirtschaft an dem Naturschutz, da wäire mer schonn e puer Kilometer méi wäit komm. Dofir décemment wëll ech awer hei soen, dass mer dat an engem ganz konstruktive rouegen Dialog maachen, andeem mer jiddferengem no-lauschteren an andeem mer jiddferengem seng Argumenter a seng Elementer, déi en an d'Diskussioun erabréngt, wëlle considéieren.

An dann ass...

■ **M. le Président**.- Här Minister, erlaabt Der eng Zwëscheffro vum honorablen Här Mehlen?

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement**.- Jo, sécher.

■ **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Här Minister, wa mer vu Landwirtschaftsschutz schwätzen, an Dir hutt elo iwwert den Dialog mat deenen Organisatiounen vun deene Concernéierte geschwat, da muss een an der Praxis allerdéngs feststellen - an do kënn wahrscheinlech ganz vill Onmut hier -, wa mer d'Agriculture kucken, d'Gebailechkeeten, an d'Betriber kënnen heiansdo net anescht wéi aussiedelen, wou dann awer d'Problematik vum Arbiträr, deen de Kolleeg Goerens ausgesprach huet, zu 100% spillt, do hëlleft all Dialog näischt driwwer ewech, wa Leit sech do Fräiheeten eraushuelen, Virschrëften ze maachen, déi wäit iwwert dat erausginn, wat mat Landschaftsschutz ze doen huet.

An et gesäit een, datt et do awer och ganz dacks u Kohärenz feelt. Ech wëll lech d'Fro stellen, wéi Dir dat gesitt, wann een zum Beispill



an Ärer Géigend vun der Autobunn eroffiert, an et gesäit een, dass do matzen an der Landschaft e risegen Immeubel, deen net landwirtschaftlecher Natur ass, genehmegt gëtt, an d'Leit kréie Schwierigkeete gemaach, déi en einfachte landwirtschaftlecht Gebai wëllen dobassuen opriichten. Da braucht Der lech net ze wonneren, wann esou Reaktiounen kommen. An ech froe mech, oder ech froen lech: Wéi wëllt Der, wann do keng Kohärenz kënnt, Fridden a Berouegung an déi ganz Atmosphär erakréien?

■ **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Ech deele souguer e Stéck vun deem, wat Der sot, dass et noutwendeg ass eng Kohärenz hierzeustellen. Mir hunn eng Kommissioun, wou och all Partien dra sinn, déi iwwer landwirtschaftlech Gebaier an hir Ausriichtung sollen decidéieren. Ech mengen, dass dat d'Enceinte ass, fir dat kënne ze maachen. An ech mengen och, dass déi Virschrëften, déi do diskutéiert a festgehale ginn, ënner alle Parteie sollen agehale ginn.

Ech muss awer soen, dass an der Ëmsetzung vum Artikel 17, iwwert dee mer jo elo säit Wochen a Méint diskutéieren, tëschent dem Landwirtschaftsministère an dem Ëmweltministère an der Tëschenzäit en Accord fonnt ginn ass, an dass all déi Parteien, déi hei involvéiert sinn, sech eens gi sinn driwwer, iwwer eppes.

An ech wëll awer do zwee Beispiller soen: Am Rahme vun dem neien Naturschutzgesetz, wat an deem Haus 2004 eestëmmege ugeholl ginn ass, ass deen alen Artikel 17 méi contraignant a méi schaarf ausgeriicht ginn an esou viru wéi e virdru war. En huet méi e penale Charakter kritt wéi e jee virdru hat. A mir sinn u sech just an der Ëmsetzung, dem Versuch vun der Interpretatioun vun deem, wat de Législateur dann do gemengt huet.

Mä en huet a sech d'Konditiounen fir d'Landwirtschaft eestëmmege verschäerft par rapport zu deem, wat d'Situatioun virdru war. Do ass och eng vun de Schwierigkeeten: Dann do ze kommen an och onideologesch, ouni fundamentalistesche ze sinn, wéi et virdru gesot ginn ass, derfir ze suergen, dass all Acteur - déi Fonctionnaire vun der Forstverwaltung, un déi ee vläicht och heiansdo kann denken, an och déi Acteuren, déi um Terrain sinn, an esou virun - am Artikel 17 datselwecht liest, wéi dat, wat de Législateur dra liest.

An dann hutt Der en anert Beispiil gesot. Do muss ech awer soen: och do Renaturéierung. Da kommt mer schwätzen iwwert d'Renaturéierung am Zesammenhang mat de Kompensatiounsmoossname vun der Nordstrooss. Ech stellen awer just fest, dass den Ëmweltminister e Gesetz huet - d'Schafung vun der Nordstrooss -, wou d'Kompensatiounsmoossnamen, déi do...

(Interruption)

...virgesi sinn, am Gesetz mat dra sinn.

Elo kënnt Der vu mir verlaangen, dass ech d'Gesetz net ëmsetzen. Mä d'Renaturéierung vun der Uelzecht ass eppes, wat am Gesetz drasteet. An duerno an engem Règlement grand-ducal sinn dann d'Formen, wéi dat soll geschéien. Och d'Gréisstenuerdnunge sinn do festgehalten.

Dir kënnt also dann net soen, dass elo hei d'Leit Ideologie maachen, wa se e Gesetz, wat hei an der Chamber gestëmmt ginn ass, an e Règlement grand-ducal, deen op der Basis vun deem Gesetz geholl ginn ass, ëmsetzen. Da muss mer iwwert d'Schwierigkeete vläicht diskutéieren, mä awer décmment net Virwërf maachen, wa mer souwuel am Artikel 17 vum Naturschutzgesetz wéi an de Kompensatiounen vun dem Nordstroossegesetz dat maachen, wat de Gesetzgeber vun eis verlaangt huet.

Dofir, mengen ech, ass et awer am Zesammenhang mat dëser Konventioun, déi jo och déi Elementer enthält, wichteg ze soen: Mir brauchen dee Mehrwäert an der Ëmsetzung vun deenen Instrumenter, déi mer eis an deene leschte Jore ginn hunn. Mir brauchen den Dialog.

Mä et ass awer keen Dialog, deen eesäiteg ka sinn, dass all Kéier dann, wann ekonomesch an aner Notze méi wichteg sinn, dass dann den Naturschutz muss zrëckgoen. Mä da brauche mer Équatiounen; da brauche mer Équiliberen; da brauche mer Kompromësser. An do wäert ech derfir suergen, dass do den Naturschutz an d'Landwirtschaft an d'Kulturlandschaft, esou wéi d'Konventioun et seet, och hir Plaz fannen, well ech mengen, dass dat an deene leschte Joren oft net de Fall war.

Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister.

Mir sinn domat um Enn vun der Debat. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmme, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval (par Mme Martine Stein-Mergen), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);*

*MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helming (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 5328 iwwert de CPOS. Bis elo sinn ageschriwwen: d'Madame Hetto, d'Madame Brasseur an den Här Adam. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorablen Här Jos Scheuer. Här Scheuer.

**3. 5328 - Projet de loi portant réorganisation du centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS)**

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**

■ **M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën, léif Kollegeginnen a Kollegen, Dir hutt de schrëftleche Rapport zum Projet de loi 5328 virleien. Deen ass scho relativ voluminéis an ech mengen ech ka mäi mëndleche Rapport e bësse méi kuerz halen.

Dat allerwichtigst Element an dësem Projet de loi ass fir mech de Fait, dass iwwert dëst Gesetz d'Relatiounen tëschent dem CPOS, där Daachorganisatioun, déi hire Sëtz am Ministère huet, an de SPOSen, de Services de Psychologie et d'Orientation Scolaires, déi an den eenzelne Schoulgebaier fonctionnéieren, geregelt ginn.

Déi Services de psychologie et d'orientation scolaires si Servicer, déi et an all staatlechem Secondairesgebai gëtt. Déi Servicer begleeten d'Élève an hirem schoulesche Parcours: am Secondaire technique, am Secondaire classique. Si informéieren d'Élève iwwert d'schoulesch Carrière, déi se viru sech hunn. Si berode se opgrond vun de Resultater, déi d'Élève hunn. Si berode se individuell a si betrieien och Problemfäll bei Schoulschwierigkeeten, bei perséinleche Schwierigkeeten, bei psychologesche Schwierigkeeten a bei Integrationsproblemer.

Am Kader vun allen Etablissementer mussen déi Servicer zesummeschaffe mat enger ganzer Serie vu Schoulpartner: Éischtens mat den Direkteren, deene se ënnerstinn, zweetens mat de Professeuren an allen Enseignanten, da mat den Elteren a virun allem och mat den Élève.

Do derniewent kënnt dann d'Siche vun Informationsmaterial. Si kënne Verbindungen herstellen. Et kënnt dozou, dass Verbindungen hiergestallt gi mussen zur Aarbechtswelt, zur Orientation professionnelle, etc..

Déi SPOSen hunn eng wichteg Missioun a si hu virun allem eng komplex Missioun ze erfüllen. An et ass ganz evident: Fir dass se kënne fonctionnéieren, musse se agebonne ginn an déi staatlech Schoulpolitik. An eben déi Reorganisatioun vum CPOS, vum Centre de Psychologie et d'Orientation Scolaires, soll dat Abanne vun de SPOSen an déi staatlech Schoulpolitik besser maachen.

Am CPOS schaffe Leit, déi dofir ausgebilt sinn. Si si qualifizéiert fir d'SPOSen ze betrieien a fir derniewent och déi SPOSe praktesch um nationale Plang ze doubléieren.

De CPOS ass also eng Daachorganisatioun, et ass eng Daachstruktur a mat dësem Gesetz schafe mer d'Gesetz vun 1987 of.

Ech faassen lech ganz kuerz déi sechs Elementer aus dësem Gesetz zesummen, déi mir als déi wichtigst erschéngen:

Éischtens den Doublement vun de SPOSen. De CPOS kann dat maachen, wat d'SPOSen an den eenzelne Gebaier maachen. E mécht dat um nationale Plang. En informéiert an e betreit. Virun allem betreit en d'Élève aus deene Schoulen, déi kee SPOS hunn; dat sinn duerchweegs déi international Schoulen. Esou dass och d'Verbindung vun deenen internationale Schoulen zum Lëtzebuerger Schoulsystem iwwert de CPOS garantéiert ass.

Zweet Missioun dann, ganz wichteg a mengen Aen: De CPOS ass zoustänneg fir d'Formatioun vun de Responsabelen an de SPOSen. Déi fonctionnéieren net méi au gré, vun de Wënsch a vun de Virstellungen vun de Leit, déi dann dodra genannt ginn. Neen, et muss harmoniséiert ginn an et muss koordinéiert ginn. Déi Formatiounsprogrammer musse vum CPOS opge-

stallt ginn. Ech mengen de Schoulsystem gewënnt drun, wann déi Kohärenz hiergestallt gëtt.

Drëtt Missioun dann: De CPOS koordinéiert déi Institutionen, déi Organisatiounen, déi an der Orientéierung vun den Élève hin op d'Berufsliewe concernéiert sinn. D'Orientation professionnelle geschitt a villen Instanzen. Vill Institutione fille sech beruff. Vill maachen et och mat méi oder wéineger Engagement. De CPOS koordinéiert elo déi Zesummenaarbecht, andeem e se zesummerift e puer Mol am Joer, ënner der Présidence vum Direkter vum CPOS. Se treffe sech dann a schaffen a koordinéiere sech.

Véiert Neierung: De CPOS gëtt zum Mediationservice. Dat war am ursprëngleche Gesetz net virgesinn. E Mediationservice am Beräich vum Schoulwiese gëtt et net spezifesche. Dëse Mediationservice ass zoustänneg fir de Primaire an en ass zoustänneg fir de Secondaire. An ech mengen och hei hate mer e Konsens an der Kommissioun, opgrond vun deem wat an deene leschte Joren ëmmer méi heefeg am Schoulliewe virkoom ass, nämlech dass Eltere virun en Tribunal gi fir e Recht anzekloen oder fir eppes bestätegt ze kréien, wat se menge wat onrecht gewiescht wär. Dat schafft onméiglech Situatiounen am schoulesche Liewen. De Mediationservice kann, am Virfeld vun esou gravé Schrëtt viru Geriicht, scho munch Steng aus de Féiss schaffen, respektiv d'Leit dohinner guidéieren, wou se am beschte geholf kréien. Do kann ee beim Commentaire des articles nach drop zrëckkommen.

Fënneft Charakteristik dann: De CPOS, mat senge Spezialisten, kann dann och psychologesch Therapie maachen an deene Fäll, wou d'Schüler net kënne oder net wëlle bei de SPOSen an hirem Gebai goen, aus verschiddenen, munchmol ganz mënschlechen Ursachen. Dobäi muss dann och de Secret professionnel vun den Intervenanten aus dem CPOS garantéiert bleiwen.

Sechst wichtegt Element: D'Memberen aus dem Service, déi an den eenzelne Gebaier schaffen, stinn ënner enger duebeler Autoritéit, an doriwwer ass vill diskutéiert ginn am Virfeld a schonn zënter laanger Zäit. De Schouldirekter ass de Verwaltungschef iwwert de SPOS. Hien übt d'Autorité administrative aus an den Direkter vum CPOS huet déi fonctionnel Autoritéit iwwert d'Membere vun de SPOSen. Et ass elo ganz wichteg, dass déi zwee Begrëffer gekläert ginn um Terrain, an Zesummenaarbecht tëschent CPOS, SPOSen an den Direktiounen. D'Iddi ass, dass de CPOS d'Méiglechkeet kritt fir eng kohärent Linn an d'Orientation scolaire ze kréien; dass déiselwecht Qualitéit vun alle Servicer an alle Gebaier kann ugebuede ginn. Et schéngt mer och selbstverständlech ze sinn, dass den Direkter bei den Nominatiounen vum Personal ka säin Avis ofginn.

Dat sinn déi grouss Iddien aus dem Gesetz. E kuerze Commentaire vun den Artikelen, esou wéi se an der Kommissioun diskutéiert gi sinn.

Artikel 1: Am éischten Artikel ginn d'Missiounen vum CPOS opgezielt. Et sinn der am ganzen néng. Ënner Punkt 2, eng wichteg Koordinatioun tëschent allen Instanzen, déi sech ëm d'Orientatioun an d'Informatioun vun de Schüler beméien; eng Koordinatiounsmissioun.

Dann den Artikel 3 - ech iwwersprangen den Artikel 2 emol -: Eng national Kommissioun gëtt geschaf mat zéng Memberen, wou all Intervenanten um Niveau vun der Orientation professionnelle vertruede sinn. De President vun där Kommissioun, déi sechs Mol am Joer zesummekënnt, ass den Direkter vum CPOS.

E wichtegt Element oder e puer wichteg Saachen, déi mer diskutéiert hunn, déi een net comme telles an dem Projet de loi erëmfënnt. D'Kommissioun huet ervirgestrach, dass de CPOS eng wichteg Roll spille kann, doduerch dass en déi national Ulafstell ass, praktesch de Foyer oder de Fokus, wou d'Informatiounen iwwert d'schoulescht an ausserschoulescht Ëmfeld zesummelafen.

Wann een all déi Informatiounen zesummendréit, dann huet ee warscheinlech d'Méiglechkeet, fir sech en objektiv Bild iwwert de Lëtzebuerger Schoulsystem ze maachen, iwwert de Péciscolaire, iwwert de Parascolaire an iwwert d'sozial Ëmstänn an deenen d'Kanner léiere mussen an an deenen och d'Professere Schoul hale mussen.

An de 60er a 70er Joren ass et dee berühmten Term ginn „Systemberatung“ - deen hat wierklech eng ideologesch Connotatioun. Mir loosse dat falen, halen awer zrëck, dass ee munch Lacunen aus engem System kann opdecken, wann eng gutt Analys aus der Aarbecht vun de SPOSen a vum CPOS gemaach gëtt.

Dat géif also dat hei heeschen, dass de CPOS e Pendant ass zum SCRIPT op deem Niveau, deen ech beschriwwen hunn. Kompetenze gi jo vermëttelt an engem sozialen Ëmfeld, an enger Ambiance an am Zesummespill vu ville Parteien.

Menger Meinung muss de CPOS esou opgebaut ginn an esou schaffen, dass vun deem CPOS eben Impulser ausginn, déi een zu Gonschte vun eisem Schoulsystem verwenne kann.

De CPOS ass a mengen Aen eng Antenn, déi vill vermëttelt, och iwwert d'Suerge vun de jonke Leit am Kader vun hirer Schoul an iwwert de Kader vun där Schoul eraus.

Eng aner Remarque, déi an der Kommissioun gemaach ginn ass. De CPOS ass net zoustänneg fir d'Primärschoul. D'Kommissioun freet sech wien zoustänneg ass, wann d'Kanner bis zwielef Joer Verhalenssteierungen hunn, wa se eng Therapie brauchen. Och am Primaire ginn et Kanner, déi suicidesch sinn, et gi Kanner mat gravé psychesche Problemer a Schied a munchmol oder ganz oft sinn d'Schoulmeeschteren an d'Léierinnen eleng do, fir de Kanner ze hëllef.

An zrëck dann zum Artikel 2: Hei gëtt d'Mediatioun agefouert vun där ech am Virspan geschwat hunn.

Den Artikel 4 an den Artikel 5 befaasse sech mat dem Personal vum Centre an de verschiddene Carrièren. Et gëtt e Kader geschaf. Et gi vill Méiglechkeete geschaf, fir Leit an de CPOS ze nennen, fir Spezialisten anzustellen, déi net nëmme eng Analys vun den Ursaache vu Schoulschwierigkeete maache kënne, mä déi och eng Therapie maache kënne. Keng medikamentös Therapie, déi ass dem Medeziner virbehalen, mä d'Psychologen, d'Pedagogen, d'Orthophonisten an esou weider kënne bei ville Schwierigkeeten hëllefen. Et ass kloer, d'Kommissioun wëllt dat och net, et soll kee Waasserkapp opgebaut ginn an et ass a bleift der Regierung iwwerlooss, fir de Kader opzefüllen, jee wéi d'Besoiné sech dann erginn.

Den Artikel 6 seet, dass den Direkter aus der Carrière supérieure soll kommen. Et ass och gesot ginn, dass den Direkter wa méiglech e Psycholog sollt sinn an dass hien d'Autorité fonctionnelle dann iwwert d'CPOSen huet.

Am Artikel 7 gëtt gesot wien d'Nominatioun mécht. De Grand-Duc ass zoustänneg fir d'Nominatiounen an der Carrière supérieure ze maachen an de Minister nennt d'Leit an deenen anere Carrièren.

Am Artikel 8 steet, dass d'Personal aus dem CPOS un e Berufsges-